Nr. 20 2017

# ONG·NEWS

www.jongbaueren.lu

LËTZEBUERGER LANDJUGEND A JONGBAUEREN
SERVICE COOPÉRATION A.S.B.L.



## INHALT



| | | | |
|---|---|---|---|
| Edito | 2 | Sensibilisierung | 20 – 21 |
| Rechenschaftsberichte | 3 – 5 | Unterstützung | 22 – 27 |
| „Aktioun Bibliothéik fir Zambélé“ | 6 – 7 | Finanzaufkommen 2016 | 28 |
| Rechenschaftsberichte | 8 – 13 | Der Verwaltungsrat | 28 |
| „Kooperatiounsvisite am Kamerun“ | 14 – 19 | Dank an die Spender | 28 |





# Edito

## Eise Wuerzelen trei bleiwen...

Dat vergaangent Joer war e Joer vun Analysen, Reflexiounen an e puer Changementer. Esou wéi, ënnert anerem, de Numm vum Daachverband an de regionale Gruppe vun der Lëtzebuerger Landjugend an de Jongbauere changéiert huet, esou ass et och de Fall vun eiser ONG: *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.*. Eng Rei Jonker hu sech an Aarbechtsgruppen zesummegedoe fir iwwert d'Zukunft vun der Landjugend an och vun der ONG ze reflektéieren an ze diskutéieren. Et wore ganz wäertvoll Treffen a mer hu bewisen, datt mer en dynamesche Jugendverband sinn, dee mat villen Iddien a groussem Engagement an d'Zukunft geet. Op däser Plaz e ganz grousse Merci all deenen, déi sech fir eise Verband a soumat och fir eis ONG engagéiert hunn an et och weiderhi maachen!



*Sech fir eng ONG engagéieren, bedeit ëmmer Mënsche begéinen a mat hinnen e Wee goen*

An dësem Kontext wëll ech awer ganz besonnesch op een Aarbechtsgrupp ze schwätze kommen, dee vill Zäit an Iddien investéiert huet, fir eng Stratégie opérationnelle fir déi nächst 5 Joer opzestellen. Dës Strategie wäert eisem Conseil d'Administration hëllefen, nach méi effizient un eise Projeten ze schaffen. Och dësem Aarbechtsgrupp e grousse Merci!

En zentraalt Thema an eisem Wierken ass d'Sensibilisatioun. Et ass äis wichteg, datt wa mer vun engem Projet schwätzen, datt net nëmmen déi materiell Dimensioun beschwat gëtt, mä datt mer ëmmer d'Mënschen an de Mëttelpunkt stellen. Sech fir eng ONG engagéieren (egal op wellechem Niveau) bedeit ëmmer Mënsche begéinen a mat hinnen e Wee goen. Am Beräich vun der Sensibilisatioun publizéiere mer dës Zeitung, den ONG-News, a mer sinn och präsent am LLJ-News, der neier Zeitung vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren. Mir sinn awer och op ville Plaze präsent, wéi ënnert anerem op der Foire agricole zu Ettelbréck oder um Landjugenddag. De Kooperatiounsdag ass e weidert wichtegt Element an eisem Schaffen. E Grupp vu Studente vun der Sacred Heart University Luxembourg huet sech an enger Aarbecht mat dem Volet vun der Sensibilisatioun vun eiser ONG beschäftegt an äis nei méiglech Weeër an Iddie gewisen. Mir soen hinne Merci fir hir Hëllef a wënschen hinnen all Guddes op hirem weidere Wee.

Nieft enger Rees mat Jonken an de Kamerun (Enn August 2016) wor et sécherlech d'Rees vun eiser Chargée de projets, der Madame Jacqueline Monville, mat zwee Membere vun eisem Conseil, an de Burkina Faso. Mer haten eng Rei Treffe mat Beneficiairen, lokalen an nationalen Autoritéiten. Et wore ganz konstruktiv Gespréicher, déi äis hëllefen, fir weider Projeten ze realiséieren, respektiv fir do weiderzeschaffen, wou mer schonns präsent sinn. Zënter 1959 engagéiere mer äis fir déi ländlech Bevëlkerung am franséischsproochegen Afrika a mer wäerten eise Wuerzelen an eiser Philosophie trei bleiwen. Während däser Rees hate mer niewent der viller a wichteger Aarbecht awer och e Grond fir ze feieren: op der Dagesuerdnung stoung d'Inauguratioun vum Schoulkomplex zu Zambélé. No dësem Projet, dee mat Succès ofgeschloss konnt ginn, wäerte mer weider Projeten an deem Sënn versichen ze realiséieren. An deem Kontext sief op eis aktuell Aktioun higewisen, wou et dorëms geet eng Bibliothéik fir d'Schoul vu Zambélé ze finanzéieren. Eng grouss Ënnerstëtzung konnte mer schonns erliewen, esou wéi, ënnert anerem, d'Hëllef vun enger Schoulklass vun Iechternach, déi Material a Gelder fir d'Bibliothéik gesammelt huet. Villmools Merci fir Ären Engagement! Wéi ëmmer fannt Dir vill Informatiounen zu eisen aktuelle Projeten an dësem ONG-News an natierlech och op eisem Internetsite.

Erlaabt mer e besonnesche Merci eiser Chargée de projets, der Mme Jacqueline Monville auszespriechen, genau esou eisem Sekretär vun der ONG-D, dem Här François Glodt, all de Membere vun eisem Conseil d'Administration an der LLJ. E grousse Merci och eiser Sekretärin vum Siège, der Mme Chantal Heuschling. Dëse Merci gëllt natierlech fir all Engagement, dee fir eis afrikanesch Frënn geleescht gouf a gëtt.

Ouni Iech, léif Frënn, kéinte mer kee Projet realiséieren. Dohier gëllt mäi Merci Iech all, déi Dir äis materiell a moralesch an eisem Engagement ënnerstëtzt. An dës Mercie schléissen ech och d'regional Gruppe vun der LLJ an och déi verschidde Ministèren, ganz besonnesch de Kooperatiounsministère mat un der Spëtzt den Här Minister Romain Schneider, mat an. E grousse Merci!

**Abbé Romain Richer**, President

## 1 BURKINA FASO – Zambélé

# Ausbau der Infrastrukturen des Schulkomplexes





*März 2017: Festliche Begrüßung der Vertreter unserer NRO durch die Bevölkerung von Zambélé und den lokalen Autoritäten und gemeinsamer Besuch der neuen Baustelle*

In der letzten Ausgabe dieses Blattes (ONG-News Nr. 19/2016, Seite 14 -15) wiesen wir darauf hin, dass die dynamischen Mitglieder des *Comité Villageois de Développement* (CVD) von Zambélé - im Anschluss an die realisierten Ausbauarbeiten an der Grundschule (2015 - 2016) – weitere Initiativen betreffend die lokalen Schulinfrastrukturen ins Auge gefasst haben. Inzwischen ist diese 2. Phase, wo weitere umfangreiche Arbeiten am sogenannten Schulkomplex von Zambélé vorgesehen sind, in die Wege geleitet worden.

Somit werden mit der Unterstützung des *Luxemburger Ministeriums für Entwicklungszusammenarbeit und humanitäre Hilfe* (MAEE) sowie unserer NRO folgende Konstruktionen, während des dreijährigen Entwicklungsvorhabens realisiert (2016 – 2019):

- 4 Schulgebäude mit insgesamt 16 Klassensälen
- 1 Bürogebäude
- 1 Küche
- 1 Refektorium
- 3 Wohneinheiten für das Lehrpersonal
- 4 sanitäre Blöcke

Das Projekt beinhaltet des Weiteren, die Ausstattung der Schulklassen und des Bürogebäudes mit den nötigen Möbeln, dem Büro- und dem pädagogischen Arbeitsmaterial.



*Sympathische Geste anlässlich der offiziellen Einweihung des Collège d'Enseignement Général (CEG): Die Vertreter der Regierung und des Ministeriums des nationalen Bildungswesens hatten Fußbälle und Trikots für die Schulkinder im Gepäck*

Das Vorhaben, das sich auf insgesamt 653.737,11 € (Bezuschussung MAEE: 75%) beziffert, ist darauf ausgerichtet, pro Jahr rund 1.000 Kinder/Jugendliche aus Zambélé oder dem direkten Umkreis (7 - 8 km) in der Schule aufzunehmen. Zu den weiteren Zielen zählen:

- Den Zugang zur Schulausbildung der Kinder und Jugendlichen aus der näheren Umgebung von Zambélé zu gewährleisten und dadurch die Schulbesuchsquote maßgeblich zu verbessern.
- Das Bildungsangebot für die Schüler so zu diversifizieren, dass für sie der Besuch der Vor-, Grund- und Sekundarschule möglich wird.
- Den Schulbetrieb durch den Einsatz einer solarbetriebenen Beleuchtung, einer Schulkantine, fließendem Wasser, getrennten Sanitäranlagen für Mädchen und Jungen, ... zu optimieren.

Bis dato war in den Departementen Yako und Gomponsom, wo das Projekt realisiert wird, die Ausbildung der Kinder im Vorschulalter in der Tat quasi inexistent, sodass die Kleinsten schlecht auf den Grundschulunterricht vorbereitet waren.

Auch bot sich den Jugendlichen kaum die Möglichkeit den Sekundarunterricht vor Ort zu besuchen. Der Mangel an adäquaten Infrastrukturen hatte zur Folge, dass viele Schüler nach dem Abschluss der Grundschule genötigt waren, ihre Studien aufzugeben, da ihre Eltern die Kosten und Schulgebühren zum Studium in der Stadt kaum finanzieren konnten.

## Kurzer Rückblick auf die 1. Phase des Projektes (2015 – 2016)

Der erste Schulbetrieb in Zambélé fand in einer Strohhütte statt. Die Initiative der Dorfbewohner wurde alsdann von den staatlichen Instanzen unterstützt, welche die ersten regelrechten Schulgebäude erbauen und Lehrer ernennen ließen.

Da diese nicht genügten, um die Kinder der verschiedenen Grundschulklassen gleichzeitig zu unterrichten, hat unsere NRO in den Jahren 2015 - 2016 unter anderem folgende Arbeiten in Zambélé unterstützt:

- Den Bau eines Schulgebäudes mit 3 Klassensälen, einem Lagerraum sowie einem Büro, um eine Gesamtzahl von 6 Klassenräumen zu erreichen und somit dem offiziellen Programm im Grundschulwesen gerecht zu werden.
- Die Ausstattung dieser Klassensäle
- Die Ausstattung der drei neuen Klassensäle mit vier Solarmodulen und Leuchtmitteln, um es den Schüler/innen zu ermöglichen, auch abends die Hausaufgaben zu machen. Den Bau einer weiteren sanitären Anlage um die bestehende an die größere Schülerzahl anzupassen.
- Das Anzapfen von Wasserquellen sowie die Installation einer Solarwasserpumpe und eines Wasserreservoirs, um die Wasserversorgung von Zambélé und den naheliegenden Dörfern zu gewährleisten.

## Offizielle Einweihung dieser Gebäude

Am 16. März 2017 wurden diese Gebäude im Beisein von Offiziellen des Ministeriums des nationalen Bildungswesens (Foto auf Seite 3 unten) ihren Bestimmungen übergeben. An den Feierlichkeiten nahmen auch die Vertreter unserer NRO – Jacqueline Monville, Projetbeauftragte, Romain Richer, Vorsitzender, und Philippe Mitsch, Mitglied des Verwaltungsrates – teil, die vom 11. bis 18. März im Rahmen einer sogenannten „Visite de suivi“ in Burkina Faso weilten.

*fg*



*Großes Treffen der Bevölkerung von Zambélé ...*

# Réalisation d'un complexe scolaire à Zambélé au Burkina Faso

Notre partenariat avec le village de Zambélé avait déjà débuté en 2015 afin de permettre aux enfants vivant dans cette commune rurale pauvre et aride d'accéder à l'éducation primaire. A ce moment-là, l'école ne disposait que de 3 salles de classe et était dans l'impossibilité d'organiser les 6 niveaux du primaire en même temps. Notre première action sur le site a donc consisté à ajouter 3 salles de classe pour normaliser les capacités d'accueil de l'école primaire, et à approvisionner l'école et le village en eau potable.

Le dynamisme et la compétence du CVD de Zambélé, ainsi que l'implication active de toute la population locale, dans le bon déroulement de ce premier projet (2015-2016) nous ont motivé à poursuivre notre action sur le site avec un second projet (2016-2019). Cette fois, l'objectif visé est de développer l'infrastructure scolaire existante pour permettre aux enfants, les filles en particulier, d'accéder à d'autres niveaux d'enseignement (préscolaire et post-primaire) et d'assurer ainsi la continuité de leur formation à proximité de leur village.

Le projet s'adresse directement aux populations de Zambélé et de 11 villages environnants dans un rayon de 7-8 km, soit 19 500 habitants, dont 9 000 enfants et jeunes de moins de 15 ans.

La création du complexe scolaire de Zambélé vise principalement à :

- Construire des classes de maternelle et de post-primaire (Collège d'enseignement général), un bâtiment administratif, une cuisine scolaire et un réfectoire
- Fournir des meubles, équipements, et matériels pédagogiques.

Au terme du projet, au moins 1 000 enfants/jeunes seront scolarisés chaque année et bénéficieront d'un encadrement et d'un environnement scolaire de qualité. Le complexe scolaire sera un établissement public, où les enseignants et le personnel administratif seront nommés et rémunérés par l'Etat burkinabé.

***Le Burkina Faso est un des pays les plus pauvres du monde, classé au 183ème rang sur 188 au niveau de l'indice de développement humain (PNUD 2015). Le pays se caractérise par une population jeune (la moitié de la population a moins de 15 ans), très faiblement urbanisée (80 % de la population vit en milieu rural), et dont le taux d'alphabétisation atteint seulement 29 % (PNUD 2014). L'analphabétisme constitue un frein majeur au développement et confine la population dans l'extrême pauvreté. Malgré les efforts du gouvernement burkinabé et de ses partenaires internationaux, le taux de scolarisation reste toujours en dessous des normes souhaitées et les infrastructures scolaires sont largement insuffisantes, en particulier en milieu rural.***

***Jacqueline MONVILLE,*** *Chargée de projets*



*… und der Schulkinder, um den Aufbau von weiteren Schulinfrastrukturen und der Wasserzufuhr zu feiern*

# Aktioun BIBLIOTHÉIK fir d'Schoul vu Zambélé am Burkina Faso

Zambélé befënnt sech an enger karger an aarmer Géigend vum Burkina Faso, wou déi lokal Bevëlkerung haaptsächlech vun der Landwirtschaft lieft.

Am Kader vun engem éischte Kooperatiounsprojet (2015 – 2016) ass vun eiser ONG e Schoulgebai fir de Primär op der Plaz gebaut ginn. Dësweidere sinn d'Schoul an d'Duerf mat Drénkwaasser approvisionéiert ginn.

No der exemplarescher Ëmsetzung vun dësem Projet, huet eis ONG eng weider Etapp zu Zambélé fir d'Joren 2016 – 2019 an d'A gefaasst. Domat soll de lokale Partner bei der Realisatioun vun engem Schoulkomplex ënnerstëtzt ginn, deen d'Regroupéiere vum Précoce, dem Primär an dem Secondaire op engem eenzege Site virgesäit. Iwwer dëse Wee soll virun allem garantéiert ginn, datt d'Kanner ënner verbesserte Bedéngunge léiere kënnen an de Passage vun engem Zyklus an deen aneren am eegenen Duerf vereinfacht gëtt.

De Projet riicht sech virun allem un d'Populatioune vu Zambélé an den 11 direkten Nopeschdierfer, (Distanz vu 7 – 8 km), wat en Total vu ronn 19.500 Bewunner ausmécht. Deemno gi mindestens 1.000 Kanner a Jugendlecher/Joer als direkt Beneficiairë viséiert, deenen en adequaten Encadrement an e gutt schoulescht Ëmfeld ugebuede soll ginn.

Fir den Accès un d'Educatioun nach ze verbesseren, wëllen déi Verantwortlech vu Zambélé de Kanner, Jugendlechen – an och Erwuessenen – eng Bibliothéik am Schoulkomplex zur Verfügung stellen. Mat dëser Aktioun soll dës Bibliothéik mat folgendem Material equipéiert ginn:

| | |
|---|---|
| 324 Bicher (Afrikanesch Auteuren, Mäerchen- a Schoulbicher, Dictionnairen): | 2.287,00 € |
| Etagèren a Miwwel fir d'Bibliothéik: | 2.833,00 € |
| Solar-Panneauen, Batterien a Luuchten: | 3.739,00 € |
| E Computer fir d'Gestioun vun de Bicher: | 810,00 € |
| **Total :** | **9.669,00 €** |

Wann Dir d'Aktioun ënnerstëtze wëllt, kënnt Dir dat maache mat engem Don un d'ONG:
**Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.**
**CCPL:** LU05 1111 0050 3083 0000 / **CCRA:** LU32 0090 0000 0157 8004 /
**Vermierk:** Aktioun „Bibliothéik fir d'Schoul vu Zambélé"
Ären Don ass steierlech ofsetzbar!
**Mir soen am Viraus e grousse Merci, fir all Ënnerstëtzung!**
De Verwaltungsrot vun der ONG

# Action BIBLIOTHÈQUE pour l'école de Zambélé au Burkina Faso

Le village de Zambélé est situé en zone aride et pauvre, où l'agriculture représente l'activité principale de la population. Notre premier projet sur place (2015-2016) a consisté à construire des classes pour l'école primaire, et à approvisionner l'école et le village en eau potable.

Suite à ce succès, nous poursuivons notre intervention avec un second projet (2016-2019) visant à créer un complexe scolaire qui regroupe les niveaux préscolaire, primaire et post-primaire sur un même site, en vue d'assurer une meilleure formation des enfants et de faciliter leur passage d'un cycle à l'autre à proximité de leur village.

Le projet s'adresse directement aux populations de Zambélé et de 11 villages environnants dans un rayon de 7-8 km, soit 19.500 habitants. Au terme du projet, au moins 1.000 enfants/jeunes seront scolarisés chaque année et bénéficieront d'un encadrement et d'un environnement scolaire de qualité.

Pour améliorer encore l'accès à l'éducation aussi bien pour les enfants que pour les adultes, le village de Zambélé souhaite aménager une bibliothèque au sein du complexe scolaire:

| | |
|---|---|
| 324 livres (auteurs africains, contes, livres scolaires, dictionnaires): | 2.287,00 € |
| Des étagères et meubles pour la bibliothèque: | 2.833,00 € |
| Des panneaux solaires, batteries et lampes: | 3.739,00 € |
| Un ordinateur pour la gestion des livres: | 810,00 € |
| **Total :** | **9.669,00 €** |



# Recht op Bildung fir jiddereen

Am Kader vun hirem Schoulprojet „For a better future“ hunn d'Schüler vun der 12e CG vum LCE verschidden Aktioune während dem Schouljoer 2016 – 2017 realiséiert, fir de Schoulkomplex vu Zambélé am Burkina Faso ze ënnerstëtzen



*V.l.n.r.: Romain Richer, President ONG-D, Jacqueline Monville, Chargée de projets ONG-D, Patricia Ferreira Da Silva, Responsabel Grupp-LCE, Gil Ferreira Veloso, Comptable Grupp-LCE, Sophie Lin, Sekretärin Grupp-LCE, Joé Cannivy, Comptable Grupp-LCE, Joëlle Duschang, Coordinatrice Grupp-LCE, Sandrine Ait-Si-Ahmed, Professeur-Tutrice LCE* **Foto: François Glodt**

Fir hire Schoulprojet „For a better future“ (vum 3. Oktober 2016 bis 26. Abrëll 2017) ze konkretiséieren, hunn d'Schüler vun der 12e CG aus dem Lycée Classique d'Echternach (LCE) decidéiert, fir de Kooperatiounsprojet „Réalisation d'un complexe scolaire à Zambélé au Burkina Faso“ mat ze ënnerstëtzen.

Dëse Kooperatiounsprojet gëtt am Moment vum lokale Partner mat Hëllef vun der ONG-D „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.“ op der Plaz realiséiert a vum Lëtzebuerger Ministère fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Hëllef matgedroen.

D'Schüler aus dem LCE wëlle mat hirer Aktioun en Zeeche setzen, fir ze weisen, datt jiddereen e Recht op Bildung huet. Den 12. an 13. November 2016 hunn si eng éischte Kéier am Kader vun der Willibrordus-Oktav an der Basilika zu Iechternach op hire Projet opmierksam gemaach an dësen do virgestallt. Dësweideren hunn si Wafelen a Panescher bei der Bäckerei Fischer, resp. Gegrilltes beim CACTUS verkaf, fir esou an der Haaptsaach hire Bäitrag beim Kaf vum Equipement fir d'Bibliothéik vu Zambélé ze leeschten.

D'Spillsaache fir d'Spillschoulklassen, d'Schoulmaterial fir d'Primärschoul an d'Bicher fir d'Bibliothéik vu Zambélé, déi am Laf vun de Méint gesammelt goufen, sinn de 6. Määerz 2017 vun de Schüler un d'Vertrieder vun der ONG-D iwwerreecht ginn. Deemno ka geschwënn en Deel vum Material matgeholl ginn, wann d'Vertrieder vun der ONG-D op hir regulär Visite de suivi an de Burkina Faso fueren (vum 11. bis 18. Mäerz 2017).

Deene jonken engagéierte Schüler aus dem LCE soe mir e grousse Merci fir dës sympathesch Initiativ zugonschte vun hire jonke Frënn vu Zambélé.

## 2 BURKINA FASO – Sam

# Projet intégré d'amélioration et de diversification des productions agro-sylvo-pastorales dans 15 villages de la commune de Kongoussi




Ce projet a été initié et est réalisé par l'ONG-D luxembourgeoise **Le Soleil Dans la Main (ASDM)**, en collaboration avec *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.* (LLJ-SC) et *SOS Sahel International Luxembourg* (SOSSILUX).

Situé dans les zones rurales de la Province du Bam (Nord du Burkina Faso), le projet vise à renforcer de manière durable la sécurité alimentaire des ménages et à lutter contre l'extrême pauvreté en :

- Construisant 1 micro-barrage et 5 retenues d'eau pour l'irrigation des productions
- Améliorant les capacités techniques et organisationnelles des producteurs
- Augmentant les rendements des productions céréalières, en adoptant de bonnes pratiques d'alimentation du bétail, et en aménageant des périmètres maraîchers (légumes et fruits) pour diversifier la production agricole
- Améliorant les filières de conservation, de transformation, et de commercialisation des produits agricoles

Le micro-barrage et les 5 retenues d'eau seront construits dans 6 principaux villages (Sam, Bogonam, Rambo-Wattinoma, Temnaoré, Lourgou, Darbiti) mais ces infrastructures profiteront aussi à 9 autres villages aux alentours, soit 15 villages au total. Les bénéficiaires directs du projet dans le 6 principaux villages représentent 10 747 habitants. La zone du projet constituée par l'ensemble des 15 villages comprend une population totale de 19 839 habitants.

La période de réalisation du projet est prévue sur 3 années, d'avril 2016 à mars 2019, pour un coût global de 880 696 EURO. La coordination locale du projet a été confiée à *SOS Sahel International Burkina Faso* (SOSSIBF) et les travaux de construction sont actuellement en cours.

*Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.* (LLJ-SC) apporte son appui au projet à travers son expertise dans le domaine de l'agriculture en Afrique en général, et plus précisément au niveau de l'utilisation des ânes, des systèmes d'attelage et des outils tels que les kassines. De cette façon, les producteurs locaux seront formés à la technique du zaï mécanisé (technique de récupération des terres dégradées réalisée avec des animaux de traits et des outils adaptés) et à l'utilisation des attelages âne-kassine aussi bien pour les cultures céréalières que pour les cultures maraîchères. L'équipement des villages en outils agricoles (kassines et accessoires), la gestion communautaire de ce matériel, ainsi que la formation des artisans locaux à la fabrication des harnachements pour les ânes (colliers et licols) sont inclus dans le projet.

L'introduction et la promotion de l'énergie animale (âne) et de la mécanisation (porte-outil kassine) dans



Bob Guden, président de l'ONG-D ASDM



Démonstration du zaï mécanisé avec un attelage asin et une kassine équipée d'un trident, à Sam en octobre 2014

l'agriculture familiale représente une part importante du travail de LLJ-SC au Burkina Faso. En effet, l'utilisation des ânes de traits (animal modeste, facile d'entretien, et à faible coût d'achat) dans les exploitations familiales les plus pauvres permet de remplacer le travail à la main, de réduire la pénibilité du travail, de gagner du temps dans la préparation et l'entretien des sols, d'augmenter les surfaces cultivées, et à terme de soulager la pauvreté et de renforcer la sécurité alimentaire.

***Jacqueline Monville***

*Chargée de projets*

## Optimierung und Diversifizierung der landwirtschaftlichen und forstwirtschaftlichen Produkte in 15 Dörfern der Gemeinde von Kongoussi, Burkina Faso

(von April 2016 bis März 2019)

Entwicklungsvorhaben der NRO ***Le Soleil Dans la Main*** (ASDM), in Zusammenarbeit mit ***Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.*** und ***SOS Sahel International Luxembourg***

***Lokalisierung***

Hauptdörfer: Sam, Bogonam, Rambo-Wattinoma, Temnaoré, Lourgou, Darbiti
Gemeinde: Kongoussi
Provinz: Bam

Lokaler Partner
SOS Sahel International Burkina Faso

***Empfänger***

1 626 Privathaushalte, somit rund 10 747 Personen, die in den oben genannten Dörfern leben

***Umsetzung***

1. Konstruktion von 1 Mikro-Staudamm sowie von 5 Wasserrückhalteeinrichtungen
2. Die Erleichterung des Zugangs zum Wasser erlaubt es unter anderem, die Diversifizierung des Gemüse- und Obstanbaus voranzutreiben, die Produzenten mit verbesserten Arbeitsmethoden vertraut zu machen, um so die Nahrungsmittelproduktion zu steigern, die Viehzucht zu optimieren, ...

***Zielsetzung***

- Steigerung der Nahrungsmittelproduktion
- Deckung des Nahrungsmittelbedarfs im Gebiet des Projekts
- Lagerung, Verarbeitung und Kommerzialisierung der landwirtschaftlichen Erzeugnisse, um das Einkommen der Privathaushalte zu verbessern

***Gesamtbetrag***

880.696,00 €
Bezuschussung durch das Luxemburger Ministerium für Entwicklungshilfe und humanitäre Hilfe: 75 %

*Burkina Faso*

# Visite de suivi des projets et identification de nouvelles actions



***Accueil traditionnel du village de Zambélé***

Dans le cadre du suivi des projets, une petite équipe du Service Coopération s'est rendue sur le terrain du 11 au 18 mars 2017. Cette année, la visite était un peu particulière car elle coïncidait avec la mise en place de nouvelles orientations prises dans le cadre du projet CTAA – Centre Technique d'Amélioration de la traction Asine. Ces changements ont été réalisés dans le but de s'adapter à l'évolution de la situation politique-économique-environnementale du Burkina Faso, mais également d'amorcer l'autonomisation du CTAA.

Ainsi, les infrastructures et le site du CTAA seront progressivement gérés au niveau communautaire avec l'implication des autorités et d'autres associations locales, et continueront à profiter aux populations locales. Des discussions avec les autorités et les chefs de terre d'Imasgo et de Lounga ont été entamées dans ce sens.

En parallèle, un nouveau projet de promotion de la traction asine a été identifié en travaillant directement à partir des villages-pilotes et en utilisant les ressources (maison-relais, opération « 100 kassines ») et les capacités (formateurs-relais) qui avaient été mises à leur disposition entre 2014 et 2016 pour former d'autres villages dans leurs régions respectives et agrandir considérablement leur rayon d'action. En



***Remise du matériel et des livres collectés par les élèves du Lycée Classique d'Echternach***



*Réunions avec la FEPAB et les CVD des villages-pilotes*



*Les représentants du gouvernement, du MENA et de LLJ-SC*



*Réunion avec les représentants du MENA*

effet, les CVD des 4 villages-pilotes (Imasgo, Tiogo, Sabouna, Koalma) se sont toujours montrés très dynamiques et engagés, et représentent une bonne opportunité pour recentrer notre action sur les populations bénéficiaires. La coordination de ce nouveau projet a été confiée à la Fédération des Professionnels Agricoles du Burkina (FEPAB). Créée en 1997, et membre de la Confédération Paysanne du Faso (CPF), la FEPAB est reconnue au niveau national et très présente sur le terrain à travers ses activités d'appui-conseil aux producteurs. Plusieurs réunions ont été organisées avec la FEPAB et les CVD pour préparer ensemble le plan d'action de ce futur projet. A l'issue de ces réunions il a également été décidé de réaliser une étude préalable afin de mieux appréhender les besoins réels et les activités à mener, mais aussi d'établir une situation de référence pour mieux mesurer les objectifs à atteindre. Enfin, une rencontre a été organisée avec le Ministre de l'agriculture, M. Jacob Ouédraogo, pour s'assurer de l'alignement du nouveau projet avec le programme de développement national et de l'accompagnement des autorités.

Un autre volet important de cette visite de suivi était la cérémonie d'inauguration des infrastructures scolaires et d'approvisionnement en eau potable à Zambélé, qui impliquait à la fois l'achèvement du primaire et du château d'eau (projet LLJ-SC 2015-2016) avec le démarrage du complexe scolaire (projet LLJ-SC 2016-2019). A Zambélé aussi, le dynamisme et l'engagement du CVD nous ont amenés à poursuivre le projet, et ont été déterminants dans l'excellente réputation de l'école de Zambélé auprès de l'inspection d'académie, et de sa nomination en tant que site de formation des futurs instituteurs depuis la rentrée 2016. La cérémonie d'inauguration, qui a rassemblé plusieurs centaines de personnes sur le site et a été retransmise à la télévision nationale, s'est déroulée en présence du Ministère de l'Education Nationale et de l'Alphabétisation (MENA) et de nombreux représentants des autorités nationales, régionales, provinciales, communales, et villageoises. En marge de la cérémonie, une réunion a été organisée avec les représentants du MENA afin de discuter du déroulement du projet à Zambélé mais aussi d'évoquer le manque d'infrastructures scolaires aux niveaux provincial et régional.

Par ailleurs, le village de Zambélé nous avait réservé un accueil traditionnel très chaleureux au cours duquel nous avons pu remettre à l'école le matériel scolaire et les livres collectés par les élèves du Lycée Classique d'Echternach en faveur des élèves de Zambélé. La visite des chantiers en cours, ainsi que différentes réunions avec les responsables locaux du projet et les entreprises engagées ont également fait partie de notre programme.

***Jacqueline Monville***
*Chargée de projets*

*Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.*

# Liwwerung vum neien Equipement fir d'Maternité vu Soa am Kamerun

Am Kader vun der Aktioun „Neit Equipement fir d'Maternité vu Soa am Kamerun"




Mir si frou, all eisen Donateuren, déi d'Aktioun „Neit Equipement fir d'Maternité vu Soa am Kamerun" mat engem generéisen Don ënnerstëtzt hunn, matdeelen ze kënnen, datt d'Equipement, wat virgesi war, an der Tëschenzäit an déi kleng Maternité vu Soa geliwwert konnt ginn.

De Verwaltungsrot vun der ONG hat dës Aktioun bekanntlech dat lescht Joer (2015) hei zu Lëtzebuerg lancéiert, fir der Nofro vun de Verantwortleche vu Soa nozekommen.

## Klenge Réckbléck

Zënter laange Jore gehéiert déi lokal Schwëstere-Communautéit vun de Sœurs de Sainte Marie vu Soa am Kamerun zu de Partner vun der ONG. Esou gouf beispillsweis zu Soa an de Joren 2011, resp. 2012 – an zwou Etappen – en Dispensaire ausgebaut an equipéiert, fir esou der grousser Demande vun der Bevëlkerung, wat hir medezinesch Versuergung betrëfft, gerecht ze ginn.







*Dat neit Material ass an der Tëschenzäit an där klenger Maternité scho vill an den Asaz komm: d'Couveusen (lénks uewen), de Schläimabsauger fir d'Bëbeeën (lénks ënnen) an d'Table d'accouchement*



*D'Equipe vum Dispensaire an der Maternité vu Soa ronderëm déi Verantwortlech Schwëster Marie Pierrette Akoa Oboé (hënnescht Rei: 5. v.l.)*

Uschléissend un dës Etapp konnten am Februar 2014 déi éischt Aarbechten un engem neie Fligel am Dispensaire an Ugrëff geholl ginn, deen elo ausschliisslech de schwangere Fraen an/oder de jonke Mamme mat hire Bëbeeën zur Verfügung steet. Si kënnen esou getrennt vun de Kranken, déi am Dispensaire behandelt ginn, en charge geholl ginn.

An deem eestäckege Bau mat engem Espace fir den Accueil, enger Salle d'accouchement, engem Aarbechtsraum, fënnef Eenzelzëmmer an zwee Gemeinschaftszëmmer, stinn de Fraen 13 Better a 7 Wéien zur Verfügung. D'Statioun ass mat deenen néidegen Instrumenter a Maschinnen equipéiert, fir d'Accouchementer an de Suivi vun de Bëbeeën ënner gudde Konditiounen duerchzeféieren. Dësweidere konnt eng Jeep ugeschaaft ginn, déi an dréngende Fäll als Ambulanz agesat gëtt. De Projet hat e Budget vun 236.732,46 €; 2/3 dovu si vum Lëtzebuerger Kooperatiounsministär iwwerholl ginn.

De Bau an den Equipement vum Dispensaire an der klenger Maternité si mat verschiddenen nationalen an internationale Programmer vereinbar, déi ënner anerem d'Bekämpfung vun der Mamme-/Kannerstierflechkeet a vum AIDS, an déi allgemeng Gesondheetsférderung vun deem a prekäre Verhältnesser liewenden Deel vun der Bevëlkerung an de Fokus setzen. Obschonn, datt iwwer de Projet villes realiséiert konnt ginn, waren déi Verantwortlech vun eiser ONG gewëllt, fir déi kleng Maternité mat der Finanzéierung vu weiderem Equipement ze ënnerstëtzen.

Tatsächlech huet déi medezinesch Versuergung vun de Fraen a Kanner zënter der Konstruktioun vun der Maternité ëm 41 %, resp. 30 % zougeholl. Deemno ginn am Centre de santé an der Moyenne/Mount 500 Patiente behandelt. Zousätzlech kommen all Mount 80 schwanger Frae fir d'Consultations prénatales an d'Maternité an et gi 40 Bëbeeën do gebuer.

## Neit Material, wat der Maternité zur Verfügung steet

Mat der Aktioun konnt d'Maternité deemno mat folgendem zousätzlechem Material fir en Total vun **9.913,00 €** (6.500.000,00 CFA) equipéiert ginn:

| | |
|---|---|
| 1 aspirateur de mucosité | 382,00 € |
| 2 boîtes d'accouchement complètes | 763,00 € |
| 1 boîte de petite chirurgie | 382,00 € |
| 1 table d'accouchement | 1.525,00 € |
| 1 couveuse électrique | 6.861,00 € |

**Mir soen all den Donateuren, déi äis et erlaabt hunn, fir dës Aktioun am Interessi vun de Frae vu Soa ze realiséieren, e ganz, ganz grousse MERCI !**

# Erfahrungen, déi een net méi mësse wëll

„Véronique, wou si mir dann hei?" „Ma mir si grad mat eisem 4x4 am Kamerun ënnerwee op Jakiri..." sou hunn eng sëlleche vum Philippe senge Video-Opnahmen ugefaangen. E Grupp vun zéng Persounen, bestoend aus Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (LLJ) an dem Service Coopération vun der LLJ (ONG), huet sech de 26. August 2016 op de Wee an de Kamerun gemaach, fir engersäits de Kooperatiounsprojet vun der ONG "Maternité vu Soa" an awer och d'Land an d'Leit - an deem d'ONG zënter laange Joren aktiv ass - kennenzeléieren.

D'Schwëster Marie-Pierrette, ssmn, Responsabel vum Centre de Santé a vun der Maternité vu Soa, huet de Grupp duerch d'Gebäilechkeeten, déi mat Hëllef vun der ONG opgebaut an equipéiert goufen, gefouert. Bei där Geleeënheet huet de Grupp d'Dokteren an d'Infirmièrë getraff, déi an der Maternité schaffen, an huet sech mat hinnen iwwer den Alldag an der Maternité ausgetosch. No engem ergräifenden Temoignage vun enger Mamm, där hire Jong no enger Fréigebuert mat Hëllef vun enger Couveuse konnt opgepäppelt ginn an esou gesond opgewuess ass, konnt de Grupp d'Frae besichen, déi grad accouchéiert haten. Fir hinne fir d'Gebuert vun hire Bëbeeën ze gratuléiere gouf hinnen e klenge Kado iwwerreecht.

Vu datt et och drëm gaangen ass, fir bei dëser Rees d'Land an d'Leit kennenzeléieren, hunn den Abbé a seng Disciplen sech queesch duerch de Kamerun op de Wee gemaach. De Wee huet dobäi vu Yaoundé aus iwwer beschwéierlech Pisten op Jakiri gefouert, fir déi typesch Naturlandschaften am Norde vum Kamerun ze entdecken. Dono ass de Grupp op Zoétélé bei d'Schwëster Scholtus - eng Lëtzebuergerin, déi säit 36 Joer am Kamerun lieft – gefuer. Hei war dann och d'Geleeënheet an d'Duerf ze goen a mat de Leit, déi do am Reebësch wunnen, ze schwätzen an déi vun hinnen ugebuede Kokosnëss, den Zockerrouer, de Kakao an d'Raupen ze schmaachen. Op der Visite vun der Kakaosplantage konnt de Grupp gesinn, mat wéi engen einfache Methoden - nämlech mat enger einfacher Machet - d'Plantagen ënnerhale ginn.

No enger ustrengender Woch, mat villen neien Andréck, huet de Grupp sech dunn erëm op den Heemwee gemaach. Déi gesammelt Erfahrungen - wéi ënner anerem den oppenen Empfang bei de Leit, déi de Grupp besicht huet, de Stroum an d'Waasser, déi net ëmmer zur Verfügung stoungen,... – wäerte bei de Membere vum Grupp nach laang nowierken.

***Philippe Mitsch***



*De Grupp zesumme mat der Schwëster Marie Pierrette, Verantwortlech vum Dispensaire an der Maternité vu Soa*

# Mit dem zufrieden sein, was man hat, ist wahrer Reichtum!

E Grupp vun zéng Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a vun der ONG war vum 26. August bis 3. September 2016 op Visite am Kamerun.

Op engem kale Wantermueren, de 16. Januar 2016, huet eise Grupp sech a Präsenz vun der Madame Agnès Rausch kennegeléiert a sech preparéiert, fir déi gemeinsam Rees an de Kamerun an deene beschte Konditiounen unzegoen. Si selwer huet an Afrika gelieft an huet äis mat Hëllef vun hire perséinlechen Andréck a Fotoen, de Kamerun méi nobruecht. Ausserdeem huet si äis och dozou ugereegt, äis ze iwwerleeën, wat mir äis ënnert Afrika virstellen, dat éier mir do waren, fir dat no eisem Retour mat eisen Erfarungen ze vergläichen.

De 26. August ass eis Rees um Findel lassgaangen, fir iwwer Paräis an enger Têschelandung zu Bangui (Zentralafrika) – wou d'Haiser 20 Meter laanscht d'Pist stinn, an och Kanner direkt niewent dem Fliger, ënnert der Bewaachung vun der UN, gespillt hunn – op Yaoundé ze fléien.

## Éischt Andréck

An der Haaptstad vum Kamerun ukomm – allerdéngs mat 2 Wallisse manner, ewéi bei der Ofrees (déi mir awer no e puer Deeg zréckkruten) goufe mir dunn häerzlechst vun der Schwëster Marie Pierrette an eisen dräi Chauffeuren empfaangen. Stau, Hëtzt, vill Leit op der Strooss, Hektik a Chaos sollten eis éischt Andréck vum Kamerun sinn. Am Quartéier ukomm, goung et no engem Owendiesse séier an d'Heia.

Um éischten Dag stoung d'Visite vum Projet um Programm, dee vun der lokaler Schwësteregemeinschaft vun de Soeurs de Sainte Marie mat der Ënnerstëtzung vun eiser ONG realiséiert gouf: d'Maternité vu Soa. Nom kommunikativen Austausch mat Dokteren an Infirmièrë konnte mir äis selwer e Bild vun hirer alldeeglecher




*Um éischten Dag vun der sougenannter Kooperatiounsrees stoung d'Visite vum Dispensaire an der klenger Maternité vu Soa um Programm*



*Sympathescht Treffe mat jonken Elteren an der Salle d'attente vun der Maternité*

Aarbechtsplaz an de Bedéngungen an der Maternité, maachen. No engem ergräifenden Temoignage vun enger Mamm, där hire Jong no enger Fréigebuert duerch d'Hëllef vun de Couveusë konnt opgepäppelt ginn a gesond opgewuess ass, huet sech och d'Geleeënheet erginn, fir Fraen ze begéinen – déi grad accouchéiert haten – an hinnen e klenge Kado ze iwwerreechen.

## Ustrengend Reeskonditiounen

No zwou Nuechten zu Yaoundé hu mir äis mat eisen dräi 4x4 op de Wee op Jakiri gemaach. Bedéngt duerch de schlechten Zoustand vun de Stroossen, si mir eréischt no 11 Stonnen an der Däischtert am Norde vum Kamerun ukomm. Tëschenzäitlech si mir mat beandrockenden Naturlandschaften op eisem Wee belount ginn. Bei enger Ronn mat der Kaart am Klassesall ouni Stroum, niewent eisen Dortoiren, war awer nach genuch Energie do, fir iwwer déi afrikanesch Zäitrechnung ze philosophéieren. Wéi géif d'Schwëster Marie Pierrette soen: "On n'a pas l'habitude de compter les minutes!".

Den nächste Mueren hu mir dovu profitéiert, fir bei enger fantastescher Aussiicht an enger Gespréichsronn iwwert eis éischt Andréck ze schwätzen. Déi laang Zäit am Auto an de Stress haten op d'Gemitt an d'Moral geschloen.





*Explikatiounen zu der „Table de foetothérapie" an de Couveusen, déi duerch déi generéis Ënnerstëtzung vun eisen Donateuren ugeschaaft konnte ginn*



*De Grupp um Tour duerch de Reebësch*

D'Stëmmung war allerdéngs erëm séier besser nodeems mir mat Duerfkanner iwwert en hiwwelege Wee bei e Waasserfall gewandert sinn. An der Grott ukomm, hu Verschiddener sech et och net huele gelooss, fir sech eng kleng Dusch ënnert dem Waasserfall ze gënnen.

Am Nomëtteg stoung nach d'Visite bei engem Chef de terre an engem Bëschof um Programm. Beim Bëschof Georges goufe mir op eng ganz léif a witzeg Manéier empfaangen a si mat Nëss, gegrilltem Mais a Gedrénks verwinnt ginn.

Den Dag drop goung et ganz fréi - leider ouni Kaffi – eraus, fir um Wee fir op Yaoundé nach kënnen e Stopp bei engem weidere Waasserfall ze maachen. Kaffi gouf et du schlussendlech bei engem anere Bëschof, bei deem mir



*Déi jonk Leit sinn ëmmer nees dovun iwwerzeegt ginn, datt d'Gaaschtfrëndschaft am Kamerun héich gehale gëtt*

kuerzfristeg invitéiert waren. No dëser Visite hu mir äis op deen ustrengende Wee a Richtung Haaptstad gemaach, wou en Tëschestopp geplangt war, fir ënnert anerem Kleeder schneideren ze loossen an eis verluere Wallissen anzesammelen.

## Grouss Gaaschtfrëndschaft

Eis Rees huet äis deen nächste Mueren a Richtung Zoétélé, en Duerf am Reebësch, gefouert. Hei si mir d'Schwëster Scholtus besiche gaangen; eng Lëtzebuergerin, déi schonn zënter Jorzéngten am Kamerun lieft. Am Süde vum Kamerun sinn d'Stroossekonditioune besser, wat eis d'Reese vill méi angenehm gemaach huet. Am Centre vu Zoétélé krute mir eis Schlofplazen an och de Pëtz fir d'Waasser ze pompele gewisen. Fléissend Waasser gouf et hei net a fir sech ze wäsche si mir d'Waasser an Eemere siche gaangen. Zu Zoétélé krute mir dann och d'Chance, e Besuch bei de Leit am Duerf ze maachen. Bei enger agreabeler Ambiance goufe mir an d'Liewe vun den Duerfleit mat integréiert. Mir kruten Zockerrouer ze schmaachen a verschidde Planzen am Reebësch erkläert. Mat Kokosnëss an Avocadoen am Gepäck hu mir äis dunn nees op de Wee zréck gemaach.

De Sonndegmueren huet ganz fréi ugefaange well mir all zesummen an d'Mass wollte goen. Während dëser schéiner Mass hat dann och jiddereen eng Stonn Zäit, sech seng eege Gedanken – an d'Bekanntschaft vum Duerfhond Sandy – ze maachen. Dono krute mir natierlech och déi ganz Ariichtung vum Dispensaire gewisen. Et huet äis un d'Nodenke bruecht, ënnert wéi enge Bedéngungen d'Leit do ënnerbruecht ginn, well et awer u ville Saache feelt an alles ofgenotzt ass. Trotzdeem maachen déi Verantwortlech vum Dispensaire dat Bescht draus a probéieren de Patienten esou gutt, ewéi méiglech ze hëllefen.



*Och déi beandrockend Naturlandschaften haten hinnen et ugedoen*

De Wee ass du weidergaange bei eng Fëschzuucht vun engem Colonel, deen zwar den Dag vun eiser Visite net do konnt sinn, äis awer versprach huet, spéider zu Yaoundé bei äis op Besuch ze kommen.

## Wonnerschéin Natur

Zu Nden krute mir vun engem Pater eng Kakaosplantage gewisen, wou de Wee dohin och duerch eng wonnerschéi Landschaft matzen am Dschungel gaangen ass. Dee Pad duerch de Bësch hu mir äis deelweis selwer mat der Machet fräi misse schloen. D'Natur mat villen imposante Beem – virun allem de Baobab – huet äis all staark beandrockt. Mir hunn dunn och nach d'Kierch St. Michel besicht, wou mir de Schluss vun enger Gesangsprouf materlieft hunn.

Owes dann, no enger gemittlecher Ronn am Fräien, si mir mat Zäit schlofe gaangen, fir deen aneren Dag fit ze sinn, fir zréck op Yaoundé ze fueren. De Colonel huet säi Wuert gehalen an huet äis dee leschten Owend vun eiser Rees besicht an iwwert verschidde Projete geschwat. Während där Zäit hunn d'Meedercher sech et net huele gelooss, fir sech d'Hoer trëtzen ze loossen. Dat huet sech als méi ustrengend erwisen, wéi verschidden Aventurë während der Rees.

Mat all dësen neien Andréck, wonnerbaren Erfarungen an neie Frëndschaften, hu mir äis dann, no 10 Deeg Kamerun, op de Wee a Richtung Lëtzebuerg gemaach. Mir freeën äis awer all op déi nächst Geleeënheet, déi sech ergëtt, fir op en Neits esou intressant Erfarungen ze maachen.

***Remy Harpes, Nelly Meyers, Philippe Mitsch, Véronique Reiff, Romain Richer, Michelle Schiertz, Sarah Schroeder, Joy Siebenaller, Anne Steichen, Joseph Wagner***



*Zu Nden huet e Pater d'Lëtzebuerger mat dem Schaffen an de Kakaosplantagë vertraut gemaach*

E Sonndeg, de 6. November 2016 huet d'Landjugend Zenter – an Zesummenaarbecht mat der ONG "Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération" – op deen traditionellen Dag vun der Kooperatioun zugonschte vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun der LLJ agelueden.

Am Centre Camille Ney zu Ell haten sech eng ganz Rei Memberen, Frënn a Sympathisante vun der LLJ afonnt, fir déi Jonk bei hirem Engagement fir déi gutt Saach ze ënnerstëtzen.

# Bildung – e Liewensprojet!

Den Abbé Romain Richer, LLJ-Nationalaumônier, huet an der Mass, déi zum Optakt vum Dag vun der Kooperatioun an der Parkierch vun Ell gefeiert gouf, d'Thema Bildung – e Liewensprojet! a senger Priedegt opgegraff:

Eise Kooperatiounsdag vun dësem Joer ass iwwerschriwwe mat Bildung – e Liewensprojet. Wat bedeit dat? Bildung heescht näischt anescht, ewéi wuessen, Zukunft opbauen, sech selwer a natierlech d'Welt besser kenneléieren a verstoen. Vun deem Moment aus un, wou mer gebuer ginn, bis zu deem Moment wou mer stierwen, jo, op deem ganze Wee erliewe mer eng Bildung, mer léiere bäi. Bei eiser Gebuert ass et d'Welt, an där mer elo liewen, déi sech opdeet, a wann e Mënsch stierft, ass et Gott, de Papp vun all Mënsch, Deen äis a Säi Räich aluet. All Kéiers wa mer an en Zëmmer eraginn, Mënsche begéinen, e Gespréich féieren asw., bilde mer äis virun, gi mer geformt. Mer léiere bäi an dëst soll äis hëllefen, eng Zukunft opzebauen.

ZAMBÉLÉ – dës puer Buschtawen si fir mech e Symbol fir Bildung als Liewensprojet. Zambélé, en Duerf am Burkina Faso, ass fir mech e Symbol fir Bildung, well mer op der enger Säit do e Projet am Beräich vun der Bildung (Konstruktioun vun enger Schoul) realiséiert hunn an och weider Projeten an deem Beräich geplangt hunn. Op der anerer Säit weist äis dëst Duerf och wat et bedeit, sech fir eng ONG a ganz konkret, fir e Projet ze engagéieren. Mat grousser Freed kënne mer soen, datt eisen éischte Projet zu Zambélé eng Reussite ass an datt mer do och weider Schoule baue kënnen. Kanner a Jonken et ze erméiglechen an d'Schoul ze goen ass fundamental wichteg. De wierkleche Räichtum vun engem Land besteet






*ZAMBÉLÉ – dës puer Buschtawen sinn e Symbol fir Bildung*

net aus Gold an Diamanten, mee et ass d'Bildung, déi zentral ass. Wa Kanner a Jonker (an natierlech och Erwuessener) eng gutt Bildung erliewe kënnen, da sinn se gestäerkt op hirem Liewenswee. Se kréien d'Méiglechkeet, fir sech, hir Familljen, hir Ëmwelt, eng besser Zukunft opzebauen. Eng Schoul bauen, an d'Bildung investéieren, Mënschen eng Bildung garantéieren, all dat heescht Zukunft opbauen.

## Mäin Horizont gëtt méi grouss, ech léiere bäi!

Awer deen, deen e Projet op d'Been stellt an dëse realiséiert, och dee gëtt geformt, gebilt. Sech fir eng ONG engagéieren, heescht Mënschen, jo Frënn, begéinen. Ier mer ufänken un engem Projet ze schaffen, ass et wichteg, d'Kultur vun dem concernéierte Land kennenzeléieren. Wéi eng Traditioune ginn et? Wéi eng Sprooch gëtt geschwat? Wat läit den Awunner um Häerz, wat beweegt se? Vun deem Moment aus un, wou ech mech decidéieren, mat engem anere Mënsch e gemeinsame Wee ze goen (an dat geschitt jo ganz konkret bei engem Projet), ginn ech geformt, erliewen ech selwer eng Bildung. Mäin Horizont gëtt méi grouss, ech léiere bäi. Ech léieren eppes bäi iwwer d'Kultur, d'Sprooch, d'Traditiounen, iwwert d'Land an d'Leit.

Eng Bildung kréie mer awer och wa mer um Projet schaffen, dat heescht, wann et ëm d'Organiséieren an d'Ausschaffe vum Projet geet. Wat kënnt alles an esou en Dossier, wéi eng Gesetzer ginn et? Op wat muss een oppassen a wat sinn déi verschidden Aarbechtsschrëtt? An och d'Zesummeschaffen an enger ONG formt d'Mënschen. Ech maache mech op, lauschteren, diskutéieren, stelle Froen, versichen Äntwerten a Léisungen ze fannen, net eleng, mee mat engem Grupp vu Mënschen. Lauschteren op déi, déi Erfahrung hunn, bereet sinn, nei Weeër an Iddie kennenzeléieren, all dat ass Bildung, bedeit Zukunft! Jo, Zambélé, e Symbol fir Bildung. Andeems mer anere Mënschen et erméiglechen eng Bildung ze erliewen, si mer selwer op engem Bildungswee.

*(Vill weider Fotoe vum dësjäregen Dag vun der Kooperatioun ënner www.jongbaueren.lu)*

**All deenen, déi sech am Virfeld vun der Aktioun an um Dag vun der Kooperatioun selwer fir déi gutt Saach agesat hunn, soe mir e ganz grousse Merci!**

# Ënnerstëtzung duerch déi regional Landjugendgruppen

Eemol méi hunn déi regional Gruppe vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren hir Solidaritéit mat de mannerbemëttelte Bevëlkerungen an Afrika duerch generéis Schecken zum Ausdrock bruecht.



*Op hirer Generalversammlung vum 12. Mäerz 2016 huet deemno de Comité vun der LLJ Cliärref dem Abbé Romain Richer, President vun der ONG-D, e Scheck am Wäert vu 6.500 € iwwerreecht. De President Fränz Schlechter huet bei där Geleeënheet ënnerstrach, datt déi aussergewéinlech héich Zomm um Dag vun der Kooperatioun zesumme komm ass, deen de Grupp eng éischte Kéier de 4. Oktober 2015 mat groussem Succès zu Klierf organiséiert hat.*



*De Comité vun der LLJ Zenter huet am Kader vun der Generalversammlung (3. Februar 2017) mat engem Scheck vun 2.500 € seng Solidaritéit mat der mannerbemëttelter Bevëlkerung an Afrika zum Ausdrock bruecht.*



*De Comité vun der LLJ Maacher huet sengersäits dem Abbé Romain Richer e Scheck vu 750 € fir d'Kooperatiounsprojeten, déi mat Hëllef vun der ONG-D am Burkina Faso ëmgesat ginn, iwwerreecht.*

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG-D geet e grousse Merci un déi Zoustänneg aus de regionale Gruppen, déi mat dëse wonnerbare Gesten ëmmer nees beweisen, datt d'Hëllef an d'Ënnerstëtzung vun deenen, deenen et net esou gutt geet, fir si keng eidel Wierder sinn. BRAVO!

# Eng weider schéin Ënnerstëtzung vun der ONG duerch d'Pensionnairë vun der „Résidence des Ardennes" vu Klierf




En Dënschdeg, den 22. November 2016, hunn d'Pensionnairë vun der „Résidence des Ardennes" eng zweete Kéier op eng Scheckiwwerreechung zugonschte vun de Kooperatiounsprojete vun der ONG „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l." op Klierf invitéiert.

Am Kader vun enger sympathescher Feier ass de Vertrieder vun der ONG – dem President Romain Richer an dem Vizepresident Carlo Schiltges – e Scheck am Wäert vun 2.600 € iwwerreecht ginn. Dës Zomm hunn d'Bewunner vum Altersheim am Laf vum Joer duerch de Verkaf vu verschiddene selwergemaachte Produite gesammelt. Op en Neits gouf vun hinne mat vill Léift, Zockerwäffelcher gebak, Gebeess gekacht, Likör gemaach, Strëmp gestréckt a Lavendel-Säckelcher gebitzt, fir se am Interessi vun der gudder Saach un d'Fra/de Mann ze bréngen.

Déi gesammelt Sue fléissen deemno integral an deen aktuelle Kooperatiounsprojet vun der ONG, wou den Ausbau an den Equipement vum Complexe scolaire vu Zambélé am Burkina Faso virgesinn ass. Am Kader vum Kofinanzement gëtt dëse Projet vum Lëtzebuerger Kooperatiounsministère subventionéiert.

Bei där Geleeënheet hunn d'Joy Siebenaller an d'Michelle Schiertz vum regionale Landjugendgrupp Cliärref en Temoignage iwwer hir Bedeelegung un der sougenannter Visite de coopération ginn, déi si am August bis ufanks September 2016 an de Kamerun gefouert huet. Dës Visitë gi regelméisseg vun der ONG fir déi interesséiert Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (LLJ) ugebueden, fir hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, e konkreten Abléck an d'Aarbecht ze kréien, déi déi respektiv Partner um Terrain am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung a mat der Ënnerstëtzung vun der d'ONG realiséieren.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG soe mir de Pensionnairë vun der „Résidence des Ardennes" e ganz, ganz grousse Merci fir hire sympatheschen Asaz zugonschte vun der Entwécklungszesummenaarbecht an Afrika vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren.



*D'Vertrieder vun der LLJ Cliärref, d'Joy Siebenaller (1.v.l.) an d'Michelle Schiertz (2.v.l.) mat de Vertrieder vun der ONG, dem Abbé Romain Richer (2.v.r) an dem Carlo Schiltges (1.v.r.)*

# E schéine Gest vum Här Jacques Melkert fir d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG



Mat 15 Joer huet hien ugefaangen; elo, no 43 Joer Schaffen op sengem Bauerebetrib, huet den Här Jacques (Cooki) Melkert vun Essen seng Pensioun gefeiert. Zesumme mat senger Fra Simone huet hien seng Famill, Frënn a Kollegen op e Fest invitéiert a bei där Geleeënheet och e Scheck am Wäert vun 1.500 € fir d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l." un déi zwee Vertrieder vum Verwaltungsrot vun der ONG iwwerreecht (riets vum Här Melkert, d'Madame Ferni Wolter-Hilgert; lénks vun him, d'Madame Martine Majerus-Clemes).

Mir soen dem Här Melkert e grousse Merci, fir dëse generéise Gest a wënschen him all Guddes a vill Freed an dëser neier Etapp vu sengem Liewen.

# Scheckiwwerreechung vum „Bazar de Solidarité" vu Bouneweg

E Freideg, de 15. Abrëll 2016 hunn déi Verantwortlech vum „Bazar de Solidarité" vun der Par Bouneweg op hir Scheckiwwerreechungen an de Foyer paroissial agelueden.

Niewent de generéise Schecken, déi un d'Associatiounen „Aktioun-ABC", „Bonnievale-Project", „PPPE A.s.b.l." a „Fond Wonschstäer" gaange sinn, krut d'Vizepresidentin vun eiser ONG-D e Scheck am Wäert vun 2.000 € fir d'Kooperatiounsaarbecht an Afrika iwwerreecht.



D'Madame Marie-Claude Dornseiffer-Marx (1.v.l.) huet deene Verantwortleche vum „Bazar de Solidarité" am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG-D hire grousse Merci fir dee wonnerbare Gest ausgeschwat an ënnerstrach, datt déi gespente Suen integral an d'Aktioun „Neit Equipement fir d'Maternité vu Soa am Kamerun" fléissen.

# D'Mini-Entreprise „Dabbel one" ënnerstëtzt d'Kooperatiounsaarbecht am Burkina Faso

Am Kader vun hirer Ofschloss-Generalversammlung vum 8. Juli 2016 huet d'Mini-Entreprise „DABBEL ONE" aus dem Lycée Technique d'Ettelbruck de Vertrieder vun der ONG-D „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l." e Scheck am Wäert vun 800 € fir d'Kooperatiounszesummenaarbecht am Burkina Faso iwwerreecht. Dës schéin Zomm stellt en Deel vum Benefice duer, deen d'Mini-Entreprise während hirem Projet am Laf vum Joer erwirtschaft huet.



*Foto: François Glodt*

D'Mini-Entreprise huet sech aus 11 Schülerinnen a Schüler vun der Commerce-Klass 12CC/CG zesummegesat, déi am Laf vum Joer un engem Projet vun der A.s.b.l. „Jonk Entrepreneuren" deelgeholl huet. Iwwer de Projet konnten sech déi jonk Leit esou mat de Realitéite vun der Féierung vun engem Betrib vertraut maachen, dee Fläschen aus Tritan – engem net kriibserregenden an ëmweltfrëndleche Material ouni BPA – kommerzialiséiert huet. Si wollten domat op deen iwwerméisseg grousse Plastikkonsum opmierksam maachen a sech fir e manner héije Verbrauch vun dësem gëftege Material asetzen.

Wéi den Direkter João Reis vun der Mini-Entreprise betount huet, hunn déi jonk Entrepreneuren drop gehalen, fir en Zeeche vu Solidaritéit mat engem Deel vun hirem Benefice ze setzen. Et ass hinne wichteg, datt domat e Projet an Afrika ënnerstëtzt gëtt, deen der Waasserversuergung vun der lokaler Populatioun zegutt kënnt. Den Abbé Romain Richer, President vun der ONG-D huet deene Jonke verséchert, datt en Deel vun de Suen an e Projet fléisst, deen d'ONG-D deemnächst zu Zambélé realiséiert. Deen aneren Deel fléisst an ee weidere Kooperatiounsprojet, deen dat nächst Joer an Zesummenaarbecht mat den A.s.b.l.-en „Le Soleil dans la Main" an „SOS Sahel" zu Sam am Burkina Faso ëmgesat gëtt.

Am Numm vum Verwaltungsrot huet hien deene Jonken an hire Betreier e ganz grousse Merci fir dee schéine Gest zugonschte vun der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso ausgeschwat.

# Scheckiwwerreechung am Atert Lycée Réiden



Ënnert der Leedung vum Här Jean-Paul Rodenbourg hunn d'Schüler vun der T0CM aus dem *Atert Lycée Réiden* mat hiren dräi Projeten, déi si am Kader vun de Mini-Entreprisen 2016 realiséiert hunn, 350 € Benefice erwirtschaft.

Dësen Erléis hunn si e Méindeg, de 4. Juli un d'Vizepresidentin Marie-Claude Dornseiffer-Marx vum Service Coopération vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren iwwerreecht, fir domat d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG an Afrika ze ënnerstëtzen.

Am Numm vum Verwaltungsrot soe mir deene Jonken aus dem uewegenannte Lycée e ganz grousse Merci fir hir Generositéit.

# Ënnerstëtzung vun der ONG-D mat Hëllef vun Digicash

Dir kënnt d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG-D „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren - Service Coopération a.s.b.l.“ mat engem Don ënnerstëtzen, deen Dir mat Hëllef vun Digicash op Ärem Smartphone maacht.

Am Numm vum Verwaltungsrot soe mir e grousse Merci fir all Ënnerstëtzung zugonschte vun eise Kooperatiounsprojeten an Afrika.






find us on Facebook

## Scheckiwwerreechung vu BAKO

En Dënschdeg, den 22. Mäerz 2016 hunn déi Verantwortlech vun der Bauere Kooperativ (BAKO) d'Vertrieder vun der ONG-D „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération" an d'Presidentin vun der Lëtzebuerger Landjugend, Nelly Meyers, an hir Raimlechkeeten op Housen agelueden.

A Präsenz vum Landwirtschaftsminister Fernand Etgen hunn si e Scheck am Wäert vun 1.329,27 € un den Abbé Romain Richer (3.v.l.), President vun der ONG, an un de Carlo Schiltges (1.v.l.), Vizepresident, iwwerreecht. Mat dësem Don – dee bestëmmt ass, fir d'Aktioun „Neit Equipement fir d'Maternité vu Soa am Kamerun" ze ënnerstëtzen – weisen sech déi Verantwortlech vu BAKO erkenntlech, fir den Asaz, deen d'Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend op hirer Porte ouverte am September 2015 geleescht hunn.




Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG-D riichte mir e grousse Merci u BAKO fir dee schéine Gest zugonschte vun de Frae vu Soa. Informatiounen zu der Aktioun „Neit Equipement fir d'Maternité vu Soa am Kamerun" fënnt deen Interesséierten am ONG-News 2016 oder ënner www.jongbaueren.lu.



# Finanzaufkommen 2016

| Projekt | Betrag |
|---|---|
| BURKINA FASO – Imasgo: Konsolidierung des Potenzials des Centre Technique d'Amélioration de la traction Asine – CTAA | 35.028,59 € |
| BURKINA FASO – Zambélé: Ausbau der Infrastrukturen der Primärschule | 33.821,38 € |
| BURKINA FASO – Zambélé: Ausbau der Infrastrukturen des Schulkomplexes | 197.262,52 € |
| BURKINA FASO – Sam: Im Konsortium mit „Le Soleil Dans la Main" (ASDM) und SOS Sahel | 14.823,02 € |
| Demokratische Republik KONGO – Kananga: Landwirtschaftliche Kooperativen | 2.491,34 € |
| KAMERUN – Soa: Ausstattung der Entbindungsstation in der Poliklinik in Soa | 9.913,00 € |
| Projektbegleitung | 1.799,46 € |
| Sensibilisierung | 6.043,00 € |
| Verwaltung | 70.527,60 € |
| Verschiedenes | 8.169,04 € |
| **Gesamtsumme für 2016:** | **379.878,95 €** |

## Einnahmen 2016




## Ausgaben 2016




**Wir bedanken uns sehr herzlich**
**bei den regionalen Gruppen der LLJ sowie bei allen Spendern und den Ministerien**
**für Entwicklungszusammenarbeit und Landwirtschaft für die gewährte Unterstützung!**

## Verwaltungsrat

**Präsident:** RICHER Romain, Abbé

**1. Vizepräsident:** DORNSEIFFER-MARX Marie-Claude

**2. Vizepräsidentin:** SCHILTGES Carlo

**Kassiererin:** LISARELLI-SCHLEICH Marianne

**Sekretär:** GLODT François

**Mitglieder:** JANSSEN Carlo
MAJERUS-CLEMES Martine
MITSCH Philippe
SCHARES-LEONARDY Conny
SIEBENALLER Kim
WOLTER-HILGERT Fernande

**Projektmanagerin:** MONVILLE Jacqueline


**Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.**

5, avenue Marie-Thérèse • L-2132 Luxembourg

CCPLLULL: LU05 1111 0050 3083 0000
CCRALULL: LU32 0090 0000 0157 8004

www.jongbaueren.lu
E-mail: service.cooperation@jongbaueren.lu

Tel: 44743 - 252 / 44743 - 564
Fax: 44743 - 563



PRINT SOLUTIONS s.à.r.l.